

Mme Nancy Arendt), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Marcel Oberweis), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Roland Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meischer, Roland Schreiner et Mme Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Da komme mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour, dat ass d'Question avec débat vum Här Félix Braz iwwert d'Aféieren am ganze Land vun der Jobkaart. Den Här Braz huet d'Wuert.



3. Question avec débat N°41 de M. Félix Braz au sujet de la mise en œuvre au niveau national d'un système similaire à la «Jobkaart» de la Ville de Luxembourg

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).**- Merci, Här President. D'Stad Lëtzebuerg huet zëntronn annerhallwem Joer op hirem Territoire eng Initiativ geholl am Beräich vum öffentlechen Transport, nämlech fir iwwert de Wee oder den Ëmwee vun enger sougenannter Jobkaart speziell Kontrakter mat eenzelne Betriber auszeschaffen, an domadder deene Betriber e spezifescht an op hir Besoinen ugepasstent an och verbëllegt Angebot unzebidden, fir dass d'Mataarbechter vun deene Betriber um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg de Bus kënnen benotzen, natierlech mam Hannergedanken, dass déi Betriber de Bus, an d'Mataarbechter vun de Betriber de Bus verstärkert solle benotzen.

Dat ass am Moment, wéi gesot, eng Initiativ, déi vun der Stad Lëtzebuerg ausgaangen ass an déi nëmmen hei um Territoire selwer zum Droe kënt. Ech hat de Minister Enn d'lescht Joer an enger Question parlementaire drop ugeschwat, ob et net ugeduecht wier, fir déi Jobkaart och op déi national Plattform vum RGTR ze iwwerdroen, an dann doduerjer dat Angebot do am ganze Land kënnen unzebidden, net nëmme fir Betriber aus der Stad Lëtzebuerg, mä fir Betriber aus dem ganze Land, an och fir Fahrten iwwert dat ganzt Land.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

De Minister hat mir doropshi geäntwert, e géif ufanks 2009 wëllen op deen dote Wee goen. Ech hunn dunn am Februar de Minister dorun erënnert, an ech ginn elo dervun aus, dass de Minister eis haut wäert kënnen ukënnegen, dass dat, wat hie mir um Enn vum Joer an Aussiicht gestallt huet, och elo tatsächlech ka Realitéit ginn. Ech wier allerdéngs och frou, wann dee Wee an d'Aart a Weis, op déi d'Regierung geet, fir déi Jobkaart op den nationalen Territoire auszeweiden, dann och eng ass, déi déi Instrumenter, déi mer haut hunn, an déi mer eis ginn hunn, Stéchwuert „e-go“, kéint valoriséieren.

An zweetens dann och en Instrument ze schafen, wat och wierklech eng Perspektiv op Erfolleg huet. Ech wëll just rappeléieren, dass an der Stad Lëtzebuerg, bannent relativ kuerzer Zäit, eng ganz Rei, notament europäesch Institutiounen - d'Verhandlungelafen elo mat der BEI, d'europäesch Kommissioun, d'europäescht Parlament, d'Cours de justice, och eng Firma wéi Price Waterhouse, d'Zithaklinik -, dat Angebot do schonn notzen.

Dat sinn tëschent 7000 an 9000 Leit, dat ass wierklech e ganz héije Chiffer, an et wier flott, wann ee wierklech kéint, wann een déi Ausweidung do mécht, op e Wee goen, dee wéi gesot den technesche Support vum

„e-go“ a seng prinzipiell Potenzialitéiten tatsächlech kéint zur Geltung bréngen, fir wierklech affinéiert Angeboter kënnen ze maachen, a keen Angebot, wat nëmme mat der Strenz géif all Betriber dann awer d'selwecht behandelen. Mä ech si gespaant op dem Minister seng Äntwert, fir dann ze kucken op wéi ee Wee mer dann definitiv ginn.

» **M. le Président.**- Merci, Här Braz. Den Här Minister Lux huet d'Wuert.

» **M. Lucien Lux, Ministre des Transports.**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den honorabele Kolleeg Félix Braz ass „just in time“ fir eng Presentatioun vun där Jobkaart, déi um nationale Plang „M-Pass“ soll genannt ginn an déi en Donneschdeg vum Verkéiersverbond virgestallt gëtt, also d'nächst Woch en Donneschdeg, an déi dann den 1. Mee soll a Kraaft trieden.

Ech wëll och direkt soen, dass d'Verspéidung fir d'Ëmsetzung vun där Iddi, déi ausgeet vun der Jobkaart aus der Stad Lëtzebuerg, virun allem domat zesummenhänkt, dass mer probéiert hunn och de Beräich vun de Frontalieren an deen „M-Pass“ do mat eranzekréien. Dat ass eis awer fir den éischte Worf net gelongen, esou dass also deen „M-Pass“ a senger éischter Form, à partir vum 1. Mee, zwar d'Méiglechkeet och fir d'Frontaliere gëtt hei am Land dovunner ze profitéieren, mä si awer fir den Zousaz vun der Grenz bis bei hir Heemecht nach mussen en zousätzlechen Ticket derbäi hunn.

Mä mir ginn d'Hoffnung net op, dass mer an der Diskussioun, déi mer féieren, am Rahme vun engem Interreg-Projet, an engem iwwerregionale Verkéiersverbond och all déi Problemer, déi sech iwwerhaapt am Tarifberäich stellen, eng Kéier an de Grëff kréien. Ech weess, dat ass schonn eng laang Story, un där mer amgaang sinn ze schaffen. Dës Kéier ass et virun allem gescheitert mat der SNCF, wou et net méiglech war, jiddefalls net an deenen Zäiten, déi mer eis gesat hunn, fir dat kënnen ze maachen.

Dat, wat mer elo proposéieren, en Donneschdeg, muss natierlech och nach am Tarifreglement vum öffentlechen Transport ageschriwwe ginn. Vläch ass dat och eng Geleeënheet, och déi Modalitéite vun der Jobkaart hei um Niveau vum Territoire vun der Stad Lëtzebuerg do mat eranzehuelen. Dat wäert also och direkt hannendru geschéien. Jiddefalls hunn déi eenzel Opérateuren alleguer, am Rahme vum Verkéiersverbond, hiren Accord prinzipiell Enn des Joers scho ginn, fir an déi Richtung ze goe wéi mer et elo proposéieren.

Ech wëll elo net am leschten Detail de Konzept, wéi e vum Verkéiersverbond proposéiert ginn ass a wéi ech en och ugehallunn, hei erläuteren, mä ech mengen, dass et eis virun allem drëm geet all deene Betriber - wou mer natierlech wäerten eng hefteg Werbung maachen, fir dass se a Kontakt friede mat dem Verkéiersverbond fir esou Ofkommen ofzeschléissen -, awer net nëmmen dat hei unzebidden, mä hinnen och ubidden, dass mer bei jiddwerengem och eng Analys vun der Situatioun maachen, Betrib fir Betrib.

Ech mengen, dat ass zum Deel och hei an der Stad Lëtzebuerg geschitt. Ech wëll dat grousst Wuert vu Mobilitéitsmanagement net ze vill gebrauchen, mä ech mengen, et geet e bëssen drëm awer ze kucken, wou kommen är Leit hier, wéi schaffe se, gëtt et do Saachen, déi ee kann änneren, fir zu enger besserer Mobilitéit an zu enger besserer Benotzung vum öffentlechen Transport ze kommen?

Mir wëllen an dem Angebot dervun ausgeen, dass mer zwee Kritäre wëllen uwenden, fir den „M-Pass“ dann un déi eenzel Leit weiderzeginn. Déi zwee Kritäre sinn, dass e Minimum vun 10% vun der Belegschaft soll matmaache bei dem Projet, oder awer, bei deene klengen Entreprises, dass ee weinstens zéng Persounen huet, déi matmaachen. Dat sinn also zwee Kritären, déi wichteg sinn, a mir wëllen och bei dem Tarif, deen elo erauskënnt, deen dann dégressiv ass, och natierlech de Betriber roden, fir sech finanziell och ze bedeelegen.

Hei um Niveau vun der Stad Lëtzebuerg ass dat e bësse méi einfach, do iwwerhëlt de Betrib einfach de Käschtepunkt, an et ass opgrond vu Comptagen hei an der Stad Lëtzebuerg méiglech dann eng Rechnung auszeschreiwen, wann ech dat esou ka soen. Um Niveau vum nationale Plang ass dat e bësse méi schwéier. Mir wëllen dat „e-go“-kompatibel maachen, mä wéi gesot, an enger éischter Phas ass et méi schwéier, fir et schonn op deem Niveau kënnen ëmzerechnen, esou dass dee Präis, deen Tarif, dee mer elo wäerte froen, engersäits ofhängeg

ass vun enger absoluter Zuel vu Leit déi matmaachen, oder awer engem Prozent-saz.

Ech wëll nëmmen ee Beispill ginn: Den Ticket, de Joresabonnement am öffentlechen Transport ass am Moment 400 Euro d'Joer, a bei enger Entreprise, wou d'Halschent a méi vun de Leit matmaachen, geet de Präis da vu 400 Euro erof op 256, wat also schonn eng substanzuell Verbesserung ass par rapport zu elo. A mir wäerten natierlech, wéi gesot, och d'Recommandatioun ginn, dass d'Betriber hei och nach en Deel mat dobäi iwwerhuelen, d'Halschent iwwerhuelen, en Drëttel iwwerhuelen, fir wierklech zu engem ganz kompetitive Präis pro Joer kënnen ze kommen.

Et ass also dat, wat mer proposéieren. Wéi gesot ass dat am November vum Verkéiersverbond och esou ugehall ginn. Mer haten duerno déi Diskussiounen iwwert de Beräich vun de Frontalieren. Do bleift et derbäi, si kënnen den „M-Pass“ kréien, mä wéi gesot, si mussen dann nach, en attendant, dass mer endlech eng eenheetlech iwwerregional Tarifstruktur hunn, deen Zousaz maachen, mä och fir déi rentéiert et sech fir deen Zousaz dann ze profitéieren an, wéi gesot, d'Date-délai wou de Prinzip soll ugoen ass den 1. Mee.

» **M. le Président.**- Erlaabt Dir, Här Minister, eng Zousazfro vum honorabelen Här Braz?

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).**- Esou wéi d'Reglement et och virgesäit. Et ass just eng kleng Zousazfro, déi ech un de Minister stellen: Heescht dat, dass de Wee op deen Dir gitt, an enger éischter Phas nach net iwwert déi rechargeabel „e-go“-Tickete funktionnéiert, mä am Fong méi eng Remise duerstellt op enger bestëmmter Quantitéit vun Ticketen?

Ouni elo all d'Detailer ze kennen, géif ech dat awer spontan éischter schued fannen, well ech menge mir hunn den „e-go“ mat ganz vill Opwand... an ech wëll déi Debatt elo net nach eng Kéier relancéieren, mä dee muss awer elo, och bei esou Saachen, weise wat e kann.

Wa mer elo awer erëm eng Kéier just an de Beräich vun enger linearer quantitativer Remise ginn, bei enger bestëmmter Unzuel Ticketen, dann, mengen ech, hätte mer do awer net all Potenzial genotzt, wat mer hätten. Mir kéinte jo awer mam „e-go“ wesentlich méi feinrasteresch Angeboter ubidden. Et ka jo net sinn, dass den „e-go“ dat net kann.

» **M. Lucien Lux, Ministre des Transports.**- Ech mengen, dass eng vun de Schwächten ouni „e-go“, par rapport zum System vun der Stad Lëtzebuerg, eben déi ass, dass an der Stad Lëtzebuerg dat vill méi einfach opgrond vu Comptagen auszurechnen ass an esou virun, wéi vill Leit matmaachen. Duerfir muss den „e-go“ hei genotzt ginn.

Mä well et drëm gaangen ass virun ze maachen, well mer dat, wéi gesot, virgesinn hatten Ufank 2009 anzeféieren, hu mer et elo den 1. Mee gemaach, fir emol mat all deene Betriber a Kontakt ze kommen. Mä et ass kloer, dass den „e-go“ hei als Potenzialitéit genotzt muss ginn. Wéi schnell dat ka goen, kann ech lech net soen, mä op jiddwer Fall soll et schnell goen, fir et ze notzen, fir dass mer eng genau Berechnung kréien, wéi vill Leit matmaachen.

Ech mengen, wa mer mat all eenzel Entreprise eng Konventioun maachen, wësse mer, wat fir eng Leit wierklech matmaachen, wéi vill Leit matmaachen, wéi vill Leit och en Ticket ausgestallt kréien. Ech mengen, am Géigesaz zu deem, wat an der Stad Lëtzebuerg gelaf ass, wou d'Stad Lëtzebuerg den Ticket un den Utilisateur weidergëtt, gi mir d'Tickete weider un d'Entreprises, déi am Prinzip Propriétaire dovunner sinn, esou dass, wa Leit aus dem Betrib erausginn, am Prinzip de Betrib deen ass, deen den Ticket huet, während et an der Stad mat engem einfache Badge duergaangen ass, zum Beispill bei den europäeschen Institutiounen mam Badge vun der EU, fir dee virzeweisen. Mä an alle Fäll muss den „e-go“ genotzt ginn, fir dass mer hei dee System do a senge Potenzialitéite ganz kënnen notzen.

» **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Mir kommen dann, léif Kolleeginnen a Kolleegen, zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg, dat ass de Projet de loi 5877 betreffend d'Ëmweltschied. Den Här Oberweis, den Här Berger, den Här Gira an den Här Mehlen hu sech ageschriwwen als Riedner, an d'Wuert huet elo nach eng Kéier den honorabelen Här Negri.



4. 5877 - Projet de loi relative à la responsabilité environnementale en ce qui concerne la prévention et la réparation des dommages environnementaux

Rapport de la Commission de l'Environnement

» **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Pollueur-payeur, dee Prinzip gëtt definitiv zum Standard an der Ëmweltlégsliatioun mat der Ëmsetzung vun der Direktiv 2004/35/CE a Lëtzebuerger Recht duerch de Projet de loi Nummer 5877 vun haut. D'Gesetz iwwert d'Responsabilité environnementale transposéiert a Lëtzebuerger Recht dës europäesch Direktiv. An der Ëmwelthaftung kënt et also ab elo zu enger grondleeënder Verännerung vun der Rechtssituatioun, wou de Prinzip vum Pollueur-payeur zur Regel gëtt.

Et ginn dräi grouss Kategorië vun Ëmweltschiedzonen definéiert. Éischstens, d'Schied- a Schutzzone wéi Habitatzonen, Biodiversitéitsschutzzonen an esou weider. Zweetens, Schied déi d'Grondwaasser affektéieren, an drëttens, Schied déi de Buedem affektéieren a schwéier Inzidenzen op d'Gesondheet vum Mënsch hunn, an awer och Biedem, déi grouss Schied an deenen ënner Punkt eent genannte Schutzzone verursaachen.

Bemierke wëll ech dobäi ausserdem nach, dass nieft de Schutzzone vun engem intercommunautären Intérêt, zousätzlech och déi national a kommunal Naturschutzzonen derbäikommen. De Grondgedanken ass deen, dass net deen ekonomeschen oder gesondheetleche Schued, deen engem aneren entsteet, kompenséiert gi muss, mä am Mëttelpunkt steet d'Preventioun an d'Kompensatioun, fir Schied un der Ëmwelt ze verhënneren.

Dëst ass deen éischte Gesetzestext, deen eng duergängeg Linn huet, no där derfir gesuergt gëtt, dass éischstens Ëmweltschied verhënnert ginn, zweetens Responsabilitéiten iwwerholl ginn, wann eppes passéiert ass, an drëttens Mesurë geholl gi fir Schied nees ze reparéieren an d'Käschte wa méiglech vum Responsabele vum Schued och iwwerholl ginn.

Ze bemierken ass awer, dass dëst Gesetz sech net un all Ëmweltschied an och net un all Responsabele vun engem Ëmweltschued riicht.

Zwou Kategorië vu Responsabele si beträff:

Éischstens, et handelt sech an éischter Linn ëm Betriber, déi am Allgemengen ënnert d'IPPC-Direktiv falen. Dat sinn an déi 40 Betriber, déi zu Lëtzebuerg doduerch beträff sinn. Déi hei besonnesch geféierlech Aktivitéite sinn an der Annex 3 vun der Direktiv opgelëscht. Als Fallbeispiller wëll ech déi Industriebetriber nennen, déi Schwéiermetaller oder Chemikalië fräisetzen. Hei ass de Grad vun der Ëmwelthaftung besonnesch grouss. An hire Fäll zielt d'Gesetz, onofhängeg dovun, ob e Betrib e Feeler gemaach huet oder net.

Zweetens, fir all déi aner Betriber, deenen hir Aktivitéiten net an der Annex 3 stinn, ass d'Gesetz nëmmen dann applicabel, wa vu Säit vum Exploitant e Feeler oder eng Négligeance gemaach gouf. D'EU-Direktiv léisst de Memberstaten an deem Punkt Spillraum. Si gëtt hinnen d'Méiglechkeet, d'Entreprises aus der Annex 3 aus hirer Verantwortung ze entloossen, wa se ieren en Ëmweltschued verursaacht hunn, ouni awer e Feeler gemaach ze hunn, oder wann opgrond vun de wëssenschaftlechen Erkenntnisser zu deem Zäitpunkt de Risiko net ofzegesi war.

D'Auteure vum Projet de loi waren der Meenung, dass deen éischte Fall dem allgemenge Geescht vun der Direktiv géif widerspriechen, an hunn dofir nëmmen eng Exceptioun virgesinn, wann d'Aktivitéit autoriséiert war an de Risiko net am Virus bekannt war. D'Ëmweltkommissioun begréisst dës Décisioun.

Et sief an dësem Kontext erwähnt, dass d'Berufschamberen dozou gedeelter Mee-

nung waren. D'Handelskammer an d'Chambre des Métiers hätten et léiwer gesinn, wa Lëtzebuerg integral vun dësen Exceptiounen profitéiert hätt. Ausnahme vun deem Regime si virgesi bei Krich, Naturkatastrophen, militäreschen Aktivitéiten a bei der Atomenergie.

Am Endeffekt muss ee sech also bewosst sinn, dass net an all Fäll, wou e Schued duerch eng Pollutioun entsteet, de Verursaacher iwwert dëst Gesetz haftbar gemaach ka ginn. Dat ass zum Beispill e Fall bei diffuse Contaminatione vum Buedem, zum Beispill am Fall vun engem Masutts-tank, deem e Lach huet a wou net direkt e Schued am Sënn vun dësem Gesetz entstane ass.

Och de Schued, deem duerch dëst Gesetz ofgedeckt ass, ass délimitéiert. Esou ass am Fall vun der Buedemcontamination nëmmen dee Fall ofgedeckt, wann do-uerch de Risiko vun engem Schued fir d'mënschlech Gesondheet besteet oder wann d'Ëmwelt an deenen entspreche-nde Schutzonen, esou wéi se am Gesetz virgesi sinn, beeinträchtigt gëtt.

Et ass kloer, dass hei d'Hauptziler vun der europäescher Direktiv ëmgesat goufen, fir de Risiko, deem op d'Betriber duerkënnt, kalkuléierbar ze maachen. Déi Extensioun, déi d'Lëtzebuurger Gesetzgebung mécht par rapport zur europäescher Direktiv, an zwar d'Abezéie vun engem Schued op de Buedem mat Konsequenzen op d'Ëmwelt an d'Habitaten an de Schutzonen, ass eng logesch Konsequenz aus dësem Gesetz, dat jo och d'direkt Schied un den Espé-chen an de Schutzzone virgesäit.

E wichtege Punkt vun dësem Gesetz ass d'Preventioun vun de Schied déi ent-stande kënnen. An éischter Linn sinn d'Exploitanten vun den Aktivitéiten verantwortlech déi entspreche-nd Mesuren ze huelen, wann e Schued duerch dës Aktivitéit immin-ent ass. Sollte si dëser Verplichtung net no-kommen, kënnen sech déi entspreche-nd Verwaltungen hinne substituieren an déi noutwen-deg Instruktiounen ginn oder Moossnamen huelen.

Dës Preventiounsmesurë gräifen awer nëm-men, wann e Schued am Sënn vun dësem Gesetz immin-ent ass. Dat wëllt awer net heeschen, dass net aner Preventivmesurë musse geholl ginn, fir schonn am Virfeld ze verhënneren, dass et iwwerhaupt zu engem immin-ente Risiko vun engem Schued komme kann.

An dëse Fäll gräifen aner, schonns be-stande Gesetzestexte, wéi zum Beispill d'Kommodogesetz, an deem senger Aus-féierung d'Konditiounen fixéiert kënnen ginn, déi verhënneren, dass Risike bei der Exploi-tatioun vun engem Betrib opriede kënnen.

Wann e Schued bis entstanen ass, muss den Exploitant seng Responsabilitéit iwwerhuelen an all déi Informatiounen liwweren, déi néideg sinn. Hie muss och déi néideg Me-suren huele fir de Schued ze reparéieren. Do d'niement kann den Ëmweltminister awer och selwer déi Mesuren ergräifen, déi déi entspreche-nd Situatiounen noutwen-deg maachen. D'Käschte si getrei no dem Prinzip vum Pollueur-payeur vum Exploitant ze iwwerhuelen, et sief dann, den Exploitant ass selwer net de Schëllegen oder de Schëllege kann net identifiziéiert ginn.

Wichtig an dësem Kontext ass d'Tatsaach, dass et eng reell verursaacherbezunne Ver-antwortung ass, dass also net d'Allgemeng-heet fir d'Schied opkomme muss, déi en Exploitant sief et duerch säi Feeler, seng Négligeance oder, wéi bei den IPPC-Betriber, duerch d'Exploitatioun vu sengem Be-trib verursaacht huet. Dëst zielt also och am Fall wou de Stat selwer Mesuren no engem Schued ordonnancéiert an dann och bezilt. Entspreche-nd dem Verursaacherprinzip kann de Stat déi Sue bei dem Verursaacher da récupéieren.

Wat nei ass, ass, dass verschidde Leit beim Minister ufroe kënnen, dass entspreche-nd Mesuren ergraff solle ginn. Dës Leit mussen entweder direkt vun engem Schued betraff sinn oder de Risiko hunn, direkt betraff ze ginn. Si mussen en direkten Intérêt hu vis-à-vis vun dësem Décisiounsprozess oder si mussen duerleeën, dass ee vun hire Rech-ter betraff ass. Dëst Recht, Mesuren ze froen, hunn offiziell all déi agréiert Ëmwelt-schutzorganisatiounen.

Mir sinn also an enger Situatioun, wou nie-went de staatlechen Instanzen, den Exploi-tanten, och nach eng drëtt Partei, an zwar déi Betreffen, eng wesentlech Roll mat-spillen, andeems hinne Rechter ageraumt sinn, déi si bis elo nach net haten, also am Sënn vun der Participatioun am Ëmwelt-beräich, wéi mer dat hei schonn oft haten no der Aarhus-Konventioun.

Wéi ech scho virdru gesot hunn, wäert dëst Gesetz net all Fäll vu Pollutioun ofdecke kënnen. Hei mussen an Zukunft nach zousätzlech legal Instrumenter geschafe ginn, wéi zum Beispill e Buedenschutzge-setz, fir Fäll vu Buedemcontaminationen erfassen ze kënnen, déi net duerch dëst Gesetz ofgedeckt sinn. Alles an allem ass et awer en éischte wichtege Schrëtt an d'Res-ponsabilitéit vun de Verursaacher vun Ëmweltschied.

Et bleift ze hoffen, dass niewent de Preven-tiounsmoossnamen, déi an dësem Gesetz stinn, niewent anere Virschrëften aus anere Gesetzter, déi dozou bäidroen sollen, dass Ëmweltschied net entstinn. Eleng d'Existenz vun dësem Gesetz, dat e preventive Cha-rakter huet, soll d'Exploitanten dozou moti-véieren, an Zukunft verstärkt drop opze-passen, dass et net zu esou Ëmweltschied kënnt.

Här President, d'EU-Direktiv gesäit och nach vir, dass d'Memberstaten d'Schafung vun Assurancen ënnerstëtzen, déi d'Ëm-welthaftung vun de Betriber ofdecken. Sou soll garantéiert ginn, dass am Fall vun en-gem Schued och tatsächlech genuch Suen do si fir d'Kompensatiounsmesurë finan-zieren ze kënnen. Well et ass jo esou, dass d'Héicht vum Schued grad bei besonnesch geféierlechen Aktivitéiten extrem variéiere kann. Dat heescht, dass de Risiko besteet, wann et tatsächlech zu enger grousser Ëm-weltkatastroph kënnt, wéi mer der schonn haten, dass de schëllege Betrib zwar um Pabeier haftbar ass, a Wirklechkeet awer net d'Suen huet fir de Schued erëm guttze-maachen.

Hei ass kloer, dass Lëtzebuerg eleng net wäit kënnt. Mir mussen eis deemno um EU-Niveau derfir asetzen, dass eng Zort Fong geschafe gëtt, an deem all concernéiert Be-triber abezuelen an deem esou dotéiert ass, dass doraus och am Katastrophfall de Schued ka bezuelt ginn, wann en iwwert dat Mooss erausgeet, wat deen eenzelne schël-lege Betrib droe kann.

Här President, zu den Aarbechten an der Kommissioun ass ze soen, dass de Statsrot a sengem éischten Avis positiv war. Kuerz-fristeg krut d'Ëmweltkommissioun nach en Avis vum Mouvement écologique an huet sech, trotz engem gewëssenen Zäitdruck, de Spillraum ginn, fir d'Remarquë vun der Ëmweltschutzorganisatioun ze kucken. Bei der Pollutioun vum Buedem gëtt an der Di-rektiv just de Risiko fir d'Gesondheet vum Mënsch berücksichtegt, wat grad am Kon-text vun der Ëmwelthaftung net logesch schéngt. Datselwecht gëllt fir d'Definitioun vun den „espèces et habitats protégés“, wou no der Meinung vun der Ëmweltkom-missiou all Schutzonen zu Lëtzebuerg mat dra sollte sinn.

D'Ëmweltkommissioun huet de Remarquë vum Méco Rechnung gedroen an de Projet amendéiert. De Statsrot war a sengem Avis complémentaire och mat dëser Ëmänne-rung d'accord.

Dësen Amendement huet dunn a verschid-dene Kreesser fir Opreegung gesuergt. Mir kruten de Virwurf gemaach, d'Direktiv net eent zu eent ëmzesetzen, obwuol den Zou-saz, dee gemaach gouf, zu 100% an der Logik vun der Direktiv läit. Et gouf aller-déngs een Argument, dat an den Ae vun der Ëmweltkommissioun pertinent war: Well de Begrëff „environnement“ néierens defi-néiert ass, hätt dat kënnen zu juristesche Problemer féieren, wann de Wuertlaut vun der Definitioun zum „dommage environne-mental“ an där Fassung stoe bliwwen wär, wéi d'Ëmweltkommissioun en als éischt amendéiert hat.

Ënner anerem gouf gefaart, dass Lëtze-buerger Entreprises net an en internationa-len Assurancésystem kéinte mat opgeholl ginn, wann hiren Haftungsberäich net kloer definéiert gewiescht wier, am Géigesaz zu anere Memberstaten, virun allem eisen No-peschlänner, aus direkte Konkurrenzgrënn vis-à-vis vun eise Land. Mir hunn also dé-cidéiert, dës Dispositioun ze preziséieren, wat vun der Prozedur hier gesinn nach eemol en Amendement bedeit huet. Och mat dëser Ännerung war de Statsrot d'ac-cord.

Här President, ech sinn der Meinung, dass mir an dëser Diskussioun zwëschen Ekolo-gie an Économie e Kompromëss agaange sinn, dee rasonabel ass. Engersäits si mer den Ëmweltschutzorganisatiounen a ville Punkten entgéintkomm, anerersäits si mer

och de Betriber entgéintkomm, an dozou sti mer och.

An dëser aussergewöhnlech schwéierer Wirtschaftskris, wéi mer scho säit Jorzénge keng méi esou haten, solle mer d'Betriber net nach zousätzlech an hire Kompetitivitéit belaauchten a si duerch onmoosseg Fue-rungen an d'Ongewëssheet lafe loossen. Schliesslech geet et hei och ëm vill Aar-bechtsplazen. An dësen Zäite wär eng méi rigouréis Haltung net ze veräntwerte ge-wiescht, an deementspriedend hu mer rä-sonnabel a majoritär gehandelt.

Här President, zum Schluss wëll ech am Numm vun der Ëmweltkommissioun nach eng generell Bemierkung maachen zu eisen Aarbechten an der Ëmweltkommissioun vun der Chamber. Mat dem Projet de loi vun haut hu mir sämtlech EU-Direktiven a Geset-zer ëmgesat, déi mir an der Ëmweltkommis-sioun virleien haten. Et ass och kee Gesetz méi vun der Regierung ufälleg, wat nach virun Enn vun dëser Legislaturperiod misst ëmgesat ginn, opgrond vun dësem respek-tiven Tableau synoptique relatif à la transpo-sition des directives européennes, no der leschter rezenter Editioun vum 10. Mäerz 2009 vum Chamberssekretariat.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Dir hutt vum Juegdgesetz virdru geschwat.

» **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.** - EU-Direktiv! Ech schwätze vun EU-Direkti-ven.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Ah!

» **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.** - Lauschtet no, wann ech gelift!

(*Brouhaha général*)

Ech kommen dozou.

» **Une voix.** - Wéi aggressiv!

» **Une autre voix.** - Huet dat net esou negativ.

» **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.** - Wann also Lëtzebuerg nach vill Direktiven ëmzesetzen huet, dann net an der Ëmwelt-législatioun. Dofir wëll ech de Kolleegen aus der Ëmweltkommissioun Merci soe fir déi gutt an expéditiv Aarbecht, déi mir an dëser Legislaturperiod gemaach hunn. Aschléis-sen an dëse Merci wëll ech selbstverständ-lech eisen Ëmweltminister Lucien Lux...

» **Plusieurs voix.** - Ooohhh! Aaahhh!!!

» **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.** - ...a seng Mataarbechter, awer och eis Kom-missionssekretärin, d'Madame Rachel Mo-ris, déi eng wierklech exzellent Aarbecht all déi Jore gemaach huet.

(*Interruption*)

Et bleiwen awer nach Gesetzter, Här Goe-rens, um nationale Plang ëmzesetzen. Dat wäerte mer och maachen, wa mer déi res-pektiv Avisen nach an den Délaï kréien. Domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Rappor-teur. Den honorablen Här Marcel Oberweis fir d'CSV-Fraktioun huet d'Wuert elo.

Discussion générale

» **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, erlaabt mer am Ufank, well et zum Usus gehéiert, dem Roger Negri, dem Rap-porteur, Merci ze soe fir säi schrëftlechen an och säi mëndleche Rapport.

Et handelt sech heibäi, wéi gesot, ëm e Ge-setzesprojet fir d'Ëmsetzung vun enger wei-derer europäescher Direktiv iwwert d'Ëm-weltresponsabilitéit. Am Spezielle geet et hei ëm d'Preventioun an d'Reparatur vun de Schied, déi onser Ëmwelt zougefügt ginn, an dat Ganz am Sënn vun dem Prinzip vum Pollueur-payeur.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Mir mussen ons awer virun Aen halen, dass et net ëmmer einfach wäert ginn an och sinn, déijéineng ze ermëttelen, déi dës Ëmwelt-schied ervirgeruff hunn. Duerfir ass an der Direktiv festgehalen ginn, dass et sech ëm e Fall vun Ëmweltschied handele kann an deem heite Fall, bei enger objektiver Res-ponsabilitéit, oder enger Responsabilitéit „sans faute“. Dat heescht, et musse kloer ju-ristesche Rumme gespaant ginn, fir dass sech d'Betriber an och d'Bierger zurecht-fanne kënnen.

Wéi de Rapporteur et schonn ugedeit huet, geet et hei am Besonneschen ëm déi

Schied, déi un den dräi Liewensressourcen, dem Buedem, dem Waasser an der Loft, gemaach ginn. Eng Hauptfuerderung vun der Direktiv besteet deemno am Erhale vum gesonden Zoustand vun onsem Buedem, well ouni deen déi vill liewenswichteg Fonc-tiounen fir de Mënsch an d'Ëmwelt net méi garantéiert sinn. Dat liicht an, wann ee weess, dass mir ouni gudde Buedem keng gesond Liewensméttelen kënnen zielen an och kee proppert Drénkwaasser kënnen kréien.

Mir wäeren dann am krasse Widdersproch mat der europäescher Waasserdirektiv, déi mer viru kuerzem hei gestëmmt hunn. Zousätzlech géife mer och dann dem Ver-loscht vun der Biodiversitéit Vorschub leeschten, an dat kënnen mer net duerchgoo loossen.

Dëser Direktiv läit also d'Tatsaach zugronn, dass mir an der Europäescher Unioun awer nach vill Plazen hunn, och hei am Land, bei deenen de Buedem contaminéiert ass an déi eng Gefor fir Mënsch an Ëmwelt duer-stellen. Duerfir ass et jo e But vun der euro-päescher Ëmweltpolitik, d'Vemeidung an d'Sanéierung vun Ëmweltschied esou wäit wéi et méiglech ass ze propagéieren an och ze ënnerstëtzen.

Et muss ënnerstrach ginn, dass de Prinzip vun der Responsabilitéit fir d'Ëmweltschied an déi immin-ent Geforen, déi vun hinne ausgoe kënnen, ugewant gëtt. An do gesäit d'Direktiv dann, an och de Gesetzesprojet, zwee Fäll vir.

Den éischte Fall behandelt all déi geféier-lech Aktivitéiten, déi an de Betriber aus der Annex 3 vun der Direktiv ageschriwwen sinn. Dat sinn ënner anerem d'IPPC-Betriber an och déi, déi mat OGMe behandeln. Hei gëtt de Betrib responsabel gemaach, och wann hie kee Feeler gemaach huet.

Den zweete Fall behandelt all déi aner Betri-ber, wann e Schued entstanen ass a wann eng immin-ent Gefor fir Aarten, Habitatzonen a Mënsche besteet. Hei gëtt de Bedriewer nëmmen da gestrooft, wann him e Feeler nogewise ka ginn a wann hie senger Res-ponsabilitéit net nokomm ass.

Op alle Fall mussen déi kompetent Instan-zen hir Aufgab iwwerhuelen an déi Betriber zur Rechenschaft zéien, déi ons Ëmwelt als hire privaten Dreckstipp ugesinn.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Dës Betriber mussen dann och fir d'Reparatur vun den Ëmweltschied opkommen.

An dat ka wäit goen, esou zum Beispill bei der Erëmhierstellung vu contaminéiertem Buedem oder dem Proppermaache vu Gewässer oder Habitatzonen. Schon- eleng dat seet genuch a weist drop hin, wéi schwéier dës Ëmsetzung an dësem Gesetz wäert ginn.

(*Mme Colette Flesch prend la Prési-dence*)

De Projet de loi gesäit deemno vir, dass d'Betriber all déi néideg Mesurë mussen er-gräifen, dass keng bleiwend Schied beim Mënsch oder an der Ëmwelt entstinn.

Wann et awer zu engem Ëmweltschued komm ass, da muss de Betrib fir d'Sanéie-rung vun dëse Schied opkommen. Hei gëtt et och dann dräi Cas-de-figures:

Den éischten ass dann eng primär Sanéie-rung, eng komplementär Sanéierung oder eng Ausgläichssanéierung.

Een anere wichtege Punkt ass awer sécher-lech och d'Bedelegung vun de Bierger, déi vun Ëmweltschied betraff sinn. Dës Bierger kënnen déi zoustänneg Verwaltungen op-fuerderen, sech derfir anzusetzen, dass ent-weder d'Gefor reduziéiert gëtt, oder awer, wann et schonn zu engem Schued komm ass, dass et zu enger Sanéierung kënnt. Doriwwer eraus kënnen och Ëmweltschutz-organisatiounen d'Méiglechkeet kréien, fir sech derfir anzusetzen, dass d'Direktiv wierksam ëmgesat gëtt.

Als leschte Punkt vu menger Interventioun soll drop higewise ginn, dass déi eenzel Memberstaten och Mesuren ergräife kë-nnen, mat deenen d'Betriber derzou invitéiert solle ginn, e finanziell Instrument ze scha-fen, mat deem am Fall vun engem Ëmwelt-schued d'Sanéierung bezuelt ka ginn. Dat kann a Form vun enger Mutuelle sinn oder enger Versécherung, well mer d'äerfen net vergiessen, dass am Fall vun engem Acci-dent mat chemesche Produkter wéi zu Tou-louse ganz héich Käschten op d'Betriber zoukommen.

An deem Zesummenhang soll d'Eu-ropäesch Kommissioun bis den 30. Abrëll d'nächst Joer e Rapport iwwert d'Effikassi-téit vun dëser Ëmsetzung erabringen. Zousätzlech soll se jo Informatiounen liwwer-en, wéi et ëm d'Schafung vu Verséche-

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

runge fir Betriber aus der Annex 3 bestallt ass - ee relativ schwieregen Dossier.

An der Direktiv gött och nach Kooperatioun iwwert d'Grenze behandelt. Wann e Memberstat en Ëmweltschued bannent senge Grenze feststellt, wou keen Auteur erëmze-fannen ass, an eventuell den Auteur am Grenzgebitt ass, da muss dat Land et der Kommissioun matdeelen, fir dass mer deen Auteur am Nopeschland erausfiltere kënnen, an deen och dann zur Rechenschaft gezu ka ginn, wann do d'Quell fonnt ginn ass. Dat ass e geliefert Beispill vun europäescher gemeinsamer Ëmweltpolitik.

Ofschléissend wëll ech dorop hiweisen, dass mer mat der Ëmsetzung vun dëser Direktiv am Beräich vun der Protektioun vun de Mënschen an den dräi Liewensressourcen e wichtige Schrëtt op dem nohaltege Wee maachen.

Jiddereen - ech widderhuelen: jidderee vun eis -, ob Stat oder Gemeindeverwaltung, ob Betrib oder Privatpersoun muss sech zum Prinzip vun dem Pollueur-payeur bekennen. Notamment eis IPCC-Betriber sinn hei gefuerdert, alles an d'Wee ze leeden, dass et net zu engem gravéierenden Ëmweltschued op eis Ëmwelt an och op de Mënsch kënnt. Mä ech hunn och Vertrauen a si. Si hunn a leschter Zäit, an de leschte Jore sech relativ opgemaach op dee Wee och vum nohaltege Wee. Si si sech där Aufgab och duerchaus bewusst, well nëmmen duerch d'Zusummewierke vun de sozialen, vun den ëmweltschützereschen an och wirtschaftleche Contraintë kënne mer den nohaltege Wee zesumme goen.

Dat gesot, bréngen ech den Accord vun der CSV hei eran - vun hirer Fraktioun - a soe Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Merci, Här Oberweis. D'Wuert huet elo den Här Berger.

» **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Härren, ech wëilt och dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Bericht. Et ass keng einfach Matière, fir déi ze verdauen, sécherlech och net wahrscheinlech fir eng Rei heibanne bei deem schéine Wieder dobaussen. An ech wäert duerfir...

» **Plusieurs voix.** - Oh!

» **M. Eugène Berger (DP).** -...och ganz kuerz nëmmen nach e puer ganz kuerz Remarquë maachen. Och den honorabelen Här Oberweis huet scho ganz vill Detailler ginn. Duerfir kann ech mech also op e puer Bemierkunge beschränken.

Et ass effektiv eng Ëmsetzung vun enger Direktiv. An et ass jo esou, dass mer hei zu Lëtzebuerg déi meeschte wichteg Akzenter doduerjer gesat hunn, dass mer eben Direktiven ëmgësat hunn, déi vu Bréissel komm sinn. Déi Direktive bestëmme ganz vill d'Ëmweltpolitik net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä an all den europäesche Länner. Ech mengen, dat ass elo eng gutt Saach. Duerch déi Direktive komme mer dem Zil méi no, beschtméiglech eis Ëmwelt an och de Mënsch ze protégéieren. An déi Ofsicht respektiv de Fong vun deenen Direktive kann een duerfir alleguerten och ëmmer begrëssen.

Wat hei vläicht e bëssen nei ass an dëser Direktiv par rapport zu aneren, déi mer ëmgësat hunn, dat ass, dass déi Notioun vu Responsabilitéit am Ëmweltberäich agefouert gött. Dat war och e laange Wee op europäeschem Niveau, bis dass een do e

Konsens fonnt huet. Et ass awer gutt, dass dat elo agefouert gött. An och eben, dass hei dann déi ganz Notioun vum Pollueur-payeur endlech dann och konkret gött, dass do d'Betriber musse wëssen, dass se net dierfen egal wat maachen, dass se och mussen do oppassen.

Den Akzent läit jo hei och wierklech op der Preventioun. Dat ass dat, wat hei groussgeschriwwé gött. Et soll een also verhënnere, dass et iwwerhaapt zu engem Schued kënnt an d'Betriber unhalen, dass se an déi Richtung ginn. D'Preventioun ass immens wichteg, well och wann een herno Responsabilitéit huet, wann een herno muss Mesures compensatoires maachen, Sue bezuele muss, et kann een am Fong geholl ni dat einfach mat Sue guttmaachen, wat do schifgelaf ass. Dat ass souwuel bei der Gesondheet vum Mënsch esou, wou ee mat Suen net alles ka flécken, grad ewéi bei der Ëmwelt. Ech brauch hei elo keng Beispiller ze zitéieren, ob dat grouss Schëffsonglécker sinn, wou Pétroul ausgelaf ass an Desasteren ugericht huet, oder soss aner Katastrophen.

Hei ass natierlech och wéi ënner anerem beim Reglement REACH, dat mer ëmgësat hunn, en Text, deen e bëssen e Grenzgang ass zwëschent dem Uleies vun der Ëmwelt op där enger Säit an den Uleiesse vun der Economie op där anerer Säit, déi natierlech ëmmer fäerten, dass se hei zousätzlech Prozeduren opgehalst kréien, déi fäerten, dass se zousätzlech Käschten hei géife kréien. Ech mengen, hei ass - et ass scho gesot ginn - e gudder Kompromiss fonnt ginn. Deenen enge geet et vläicht net wäit genuch, deenen aneren ze wäit, mä wéi gesot, dat hei ass e Konsens souwuel op europäeschem Plang wéi och hei zu Lëtzebuerg an der Kommissioun. Dat hunn d'Aarbechte jo bewisen, sief dat, dass et déi eng oder déi aner Kéier e bëssen hin an hier gaangen ass.

Et ass jo esou, dass an der Praxis Betriber, déi d'Autorisatiounen hunn - et ass schonn oft gesot ginn -, d'IPCC-Betriber, dat sinn der ronn 40 hei zu Lëtzebuerg, dass déi haaptsächlech hei betraff sinn. Wann all déi Betriber hei zu Lëtzebuerg hire Kommodo hunn, hu se also Oplagen, deene se musen entspreche, a wa se déi Oplage respektéieren, da kënne se ganz weineg oder guer net an d'Situatioun kommen, dass do eppes ka schiflafen, dass se kënnen zur Responsabilitéit gezu ginn. Fir déi aner Betriber, do spillt et jo och wierklech nëmmen, wann e manifeste Feeler oder e Fehlverhale virläit.

Dat sinn déi grouss Prinzipien, op déi mer eis konnten eenegen.

No deenen allgemenge Remarquen - dat waren am Fong zousätzlech Remarquen zu deem, wat alles scho gesot ginn ass - wëll ech awer een, zwee Kommentäre maachen, lwwerleeunge maachen, déi haaptsächlech d'Ëmsetzung hei zu Lëtzebuerg da betreffen.

Dat eent, dat ass, et steet am Text, dass do ënner anerem d'Verwaltungen, déi am Environnement rattachéiert sinn, dass déi solle Mesures de réparation déterminéieren, wat sécherlech net ëmmer einfach ass. Do läit kee Katalog vir, do läit keng - wéi soll ech soen? - keng Gebrauchsuweisung vir, wéi een dat ka maachen. Do muss een also au cas par cas, wann dat géif geschéien, kucken, an do muss ee sech vläicht nach besser dann awer och hei zu Lëtzebuerg organiséieren an och vläicht do méi kloer Guidelinen ausschaffen, wann dat de Fall wär. Mir haten déi Diskussioun och schonn am Kader vun anere Projeten.

Zweete Punkt - dee betrëfft och d'Betriber hei zu Lëtzebuerg, mä net nëmmen hei zu Lëtzebuerg -: dat ass d'Schwieregkeet fir eng Assurance ofzeschléissen. Et ass jo esou, dass e Betrib dann och kuckt, eng Assurance wëllen ze maachen, wann en awer an de Fall kënnt, dass e géif zur Responsabilitéit gezu ginn, dass e misst Schied bezuelen. Da kuckt e sech ofzesécheren, dat ass dee klassische Reflex. E kuckt en Assureur ze fannen, an dat ass hei zu Lëtzebuerg net nëmme schwéier, dat ass hei zu Lëtzebuerg onméiglech. Et si keng Assureuren, déi dat hei maachen, souwäit ech weess. Mir haten d'lescht Woch eng Entrevue, also net an der Chamber, mä meng Fraktioun hat eng Entrevue mat der ACA, déi eis dat do nach eng Kéier bestätegt hunn, dass dat hei net gemaach gött, well dee Risque schwéier ze evaluéieren ass, well een och net weess, wéi vill d'Primé géife kaschten.

Et ass awer net nëmmen de Fall hei zu Lëtzebuerg, fir d'Betriber am Ausland göllt dat och. Also do ass e Punkt, deen net evident ass. An et muss ee sech also iwwerleeën, wann do awer keng Assurancë bestinn, et sinn awer Betriber, déi missten zur Responsabilitéit gezu ginn, déi eventuell da géife Faillite goen, keng Suen do sinn: Wie bezilt dann am Endeffekt? De Betrib kann net bezuelen, et ass keng Assurance do, sou dass een also awer och - wéi soll ech soen? - am Negative muss virsuergen, andeem een da vläicht op de Wee géif goe fir e Fong ze kreéieren, e Fong, deen awer net nëmme soll vum Stat gespeist ginn, mä eventuell och d'Betriber sollen an dee Fong da mat aspeisen.

Déi puer Remarquë gemaach, kéint ech awer dann och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn, an ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Merci, Här Berger. D'Wuert huet elo den Här Gira.

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Härren, ech war elo e bëssen iwwerrascht iwwert dem Här Negri seng Interventioun, manner iwwer säin, wéi gewinnt, détailléierten an explikative Rapport, fir deen ech him Merci soen, mä iwwert de Schluss vu senger Interventioun. Dat huet éischstens bal e bësse geklunge wéi eng Abschiedsried.

(*Brouhaha général et hilarité*)

Ech hoffen, Här Negri, dass mer eis alleguerten den 8. Juni oder méi spéit hei erëmgësin, mä et huet awer e bëssen esou geklongen, wéi wann elo d'Ëmweltkommissioun scho géif d'Dieren an d'Tiräng zouspären an op d'Wahlcampagne goen.

Ech wëll awer dorun erënneren, dass mer jo éischstens nach wëlles hunn, matzen am Fréijoer op d'Juegd ze goen d'nächst Woch.

» **Plusieurs voix.** - Ah!

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Ech mengen, dass et sénnvoll ass, eis mat dem exzellenten Avis vum Statsrot auserenezesetzen, dee viles, wat hei am Débat d'orientation, mengen ech, diskutéiert ginn ass, bestätegt. Dee Statsrot huet sech ganz vill Aarbecht gemaach.

Mir hunn och nach e puer aner Punkten um Ordre du jour. Mä ech fäerten, Madame Presidentin, dass mir och nach wéinst aneren Ursaachen an d'Arena eventuell musse klammen. Et gött ee jo awer dat Gefill net lass, dass eng Rei Kreeser zu Lëtzebuerg vun där Kris wëlle profitéieren, fir d'Ëmweltrecht an eng Rei Errungenschaften, déi a laange Jore mühsam erkämpft si ginn, wëllen zrëckdréinen.

Wann een den Avis vum Mouvement écologique zum Konjunkturpak liest, da muss ee sech Froe stellen, an och wann et esou ausgesäit, wéi wann do net gréisser Ëmweltprojeten an d'Kommissioun kommen, fäerten ech, dass mer awer musse ganz gutt oppassen an dass mer elo scho sollten op d'mannst eng rout Luucht umaachen, fir dass do awer elo net fënnef vir zwielef hei en Ongléck geschitt.

Duerfir mengen ech net, dass mer elo wäerte rouen an deenen nächste Wochen, mä vläicht am Géigendeel ganz aktiv wëlle ginn.

Klammer op: Mir hätten eis als Gréng gewënscht, dass extrem vill Aarbecht an d'Ëmweltkommissioun am Kader vum Konjunkturpaket komm wär. Mir vermessen de gréngen Touch vun dësem Konjunkturprogramm. A wann een en Artikel an der „Zeit“ gelies huet, deen e bëssen analyséiert huet, wéi gréng deenen eenzelne Länner hir Konjunkturprogrammer sinn - si hu sech net mat dem lëtzebuergesche beschäftegt -, mä do gesäit een, dass do wesentlech Ënner-

scheeder bestinn an dass mat déi gréngste komescherweis dee vu Südkorea an dee vu China sinn. Ech fäerten, dass, wann d'„Zeit“ d'Zäit gehat hätt, och eise Programm ze analyséieren, da wiere mir do relativ schlecht ewechkomm.

Mä dat ass en aneren Débat, doriwwer kréie mer nach - mengen ech - an den nächste Wochen d'Geleeënheet am Detail ze diskutéieren. Mä souwäit ass déi Debatt awer och net vun dësem Gesetz ewech, Madame Presidentin.

Dës Direktiv ass nämlech, dëst Gesetz, mat deem d'Direktiv ëmgësat gött, méi symbolträchteg, méi innovativ, wéi et vläicht op den éischte Bléck ausgesäit. Et ass schonn, menge mir als Gréng, symbolträchteg, wann Ëmweltschied musse behuwe ginn. Net nëmmen, well si engem, also engem Mënsch Schued gemaach hunn, mä wéinst dem Schued un der Loft, um Buedem, un der Biodiversitéit selwer. An et ass och schonn innovativ, jo e regelrechte Paradigmewissel, wa Betriber fir en Ëmweltschued mussen opkommen, och wann hinne kee Feeler kann nogewise ginn. Dat ass symbolträchteg, well hei eng Rei Ëmweltgidder fir d'éischt net nëmmen e wirtschaftleche Wäert kréien, mä eigentlech och e Wäert u sech.

Dat ass innovativ, well hei de Pollueur-payeur-Prinzip zu 100% ëmgësat gött, mä virun allem, well hei Betriber incitéiert ginn, de Principe de précaution eescht ze huelen a vu sech aus op Technologien ëmzeklammern, déi mat manner Ëmweltrisike verbonne sinn.

Dorëm geet et jo eigentlech hei. D'Haaptzil ass net, hei Leit ze strofen oder zur Keess ze bieden, mä si iwwer interne Risikomanagement dozou ze kréien, selwer e preventiven Ëmweltschutz ze bedriewen.

Dat ass e wäite Wee, Madame Presidentin, deen d'Ëmweltgesetzgebung gaangen ass, vu Gesetzter an de 70er, 80er Joren, déi éischer Zeeche gesat hu mat End-of-pipe-Technologien, iwwert d'Gesetzter, déi Emisiounen a Schied iwwert d'Festsetze vu Grenzwärter évitéiert hunn, bis zu dëser Direktiv an dësem Gesetz, déi eigentlech hin zu enger ëmmer méi staarker Responsabiliséierung vun de Betriber selwer féiert. An an eisen Aen ass dat eng effikass, eng effizient, eng maarkkonform Approche.

An et gesäit ee schonn éischt positiv Resultater, wann d'Ëmweltgesetzgebung ëmmer méi an déi Richtung geet. Ech ginn lech een, zwee Beispiller aus dem Offallberäich. Eréischt wéi d'Autosfabrikante selwer hu missen d'Schrottautoen zrëckhuelen, ass Bewegung an d'Spill komm an d'Zuel vun de Plastikzorten zum Beispill, déi een an den Autoen erëmfënnt, ass vun iwwer 20 op zwee oder dräi zrëckgaang, déi ganz kloer gezeechent sinn, wat natierlech de Recyclage vun dem Plastik vill méi einfach mécht.

Datselwecht kann ee vum Elektronikschrott soen, a viru kuerzem hu mir nach eng nei Direktiv verabschied, wat mat de Batterien ze dinn huet. Ech sinn iwwerzeegt, dass och do d'Recherche wäert dropgesat ginn, fir dass mer do weiderkommen, nämlech bei der Quell usetzen, Offall vermeiden an e Produkt net nëmme konzipéiere bis zu deem Moment, wou et op de Maart gehäit gött, mä wierklech bis zum Enn vu sengem Liewenszyklus.

Duerfir begrësse mir als Gréng natierlech och prinzipiell dës Direktiv, dëst Gesetz, och wa si an eisen Aen nach net perfekt sinn. Nach sinn net all Secteure betraff, dat ass hei kloer an däitlech gesot ginn. Och sinn nach net all Ëmweltberäicher abegraff, déi solle geschützt ginn, mä mir fannen dat awer duerch dee grouse Paradigmewissel, deen ech elo grad erwähnt hunn, awer schonn e richtege Schrëtt an déi richtig Richtung.

An duerfir ware mir als Gréng natierlech frou, wéi d'Ëmweltkommissioun de Spillraum, deen d'EU-Kommissioun awer explizit virgesinn hat, fir deen eenzelne Länner ze loossen, wéi d'Ëmweltkommissioun duerch eng Rei Amendementer dëse Fräiraum wollt ausnotzen, fir méi wäit ze goe wéi eigentlech de Basistext.

An d'Fro stellt sech jo och, éischstens, ob déi Philosophie, fir ze soen «La directive, rien

que la directive», ob déi ëmmer esou gutt ass. Wäre mer net frou heiandsdo, wa mir vläicht méi wäit gaange wären, wéi gewëssen Direktiven dat gesot hätten?

Am Finanzberäich gesi mer jo, dass mer vläicht heiandsdo gutt haten, méi wäit ze goe wéi dat, wat d'EU vun eis verlaangt hat. Am Ëmweltberäich, mengen ech, kéint een eigentlech déiselwecht Logik soen.

Mä, wann awer eng EU-Direktiv explizit seet: „Léif Memberstaten, dat hei ass e Basistext, mir hunn hei missen e Kompromiss maachen, well net jiddereen d'accord ass, mä mir incitéieren lech praktesch an eenzelne Beräicher méi wäit ze goen.“ -, da gehéiert dat fir eis och nach ëmmer zu der Philosophie «Rien que la directive».

Mir hate souguer, Madame Presidentin, kee Problem dermat, wéi de President vun der Ëmweltkommissioun an engem LSAP-Communiqué sämtlech Membere vun der Ëmweltkommissioun viru seng Kar gespaant huet an an engem raren Usaz vu Courage dem Land stolz verkënnegt huet: „Parlamentarische Umweltkommission nimmt Unternehmer stärker in die Pflicht.“

Mä de Courage war nom Drock vun de Wirtschaftskreeser vu kuerzer Dauer an an der nächster Sitzung huet d'Majoritéit kleng bäiginn an d'Amendementer zrëckgezunn. Ech fäerten, dëse Rückzieher geet sécher an d'Annale vun der Chamber an.

An, Madame Presidentin, ech mengen, den Här Negri huet esou vill Humor, dass e mir net béis ass, wann ech him soen: Et muss ee scho President vun der Turnfederatioun sinn, fir esou en dräifache Salto hannerzeg fäerdegzebréngen.

(Hilarité)

» Une voix.- Très bien!

» M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Madame Presidentin, am Eescht awer, déi Gréng bedauern dëse Rückzieher. Éisch-tens wéinst der Saach u sech.

(Interruption)

Éischstens sinn elo eng Rei...

Do ass et méi schwiereg, en dräifache Salto hannerzeg ze maachen. Mä kommt de Sonndeg kucken, Här Goerens, an da gesitt Der, wéi dat geet.

(Interruption)

Mir bedauern dëse Rückzieher, Madame Presidentin, éischstens, wéinst der Saach selwer. Eng Rei Géigenden zu Lëtzebuerg sinn elo manner geschützt wéi déi, déi d'Chance hunn a Vulleschutzgebidder, an Habitatgebidder ze leien, an och eng Rei Ëmweltgidder si manner geschützt.

An zweetens awer och, well et eis erëm weist: Dës Majoritéit ass nach ëmmer an der aler Logik, déi gemengt huet, héich Ëmweltstandardë wiere schiedlech fir e Wirtschaftsstanduert.

Mir verstinn dat net, well wann een haut e bëssen ëm sech kuckt, wat geschitt ass an

deene leschte 15, 20 Joer, da gesäit ee jo awer, dass genau de Géigendeel de Fall ass. Ech wëll dat um Beispill Däitschland illustréieren. Däitschland ass bekannt fir mat déi héchsten, mat déi strengsten Ëmwelt-normen zënter Joren, jo zënter Jorzéngten, a wann een haut kuckt, a wéi engem Sec-teur dass an Däitschland extrem vill Aar-bechtsplaze geschaf si ginn, dann ass et genau an deem dote Secteur.

Et ass - mengen ech - an Tëschenzäit scho bal eng Banalitéit ze soen, dass an Däitsch-land an Tëschenzäit am ganzen Ëmweltsec-teur méi Leit schaffe wéi an der Automobil-branche. Dat ass keen Zoufall, dat ass, well dat Land sech mat Zäit eng Rei héich Norme ginn huet. An et gesäit een och, dass Däitschland haut Exportweltmeesch-ter ass an deem ganze Beräich, well natier-lech duerch streng Norme Recherche an deene Secteure gemaach ginn ass, an ein-fach si capabel sinn, do eng ganz Rei Tech-nologien an aner Beräicher vum Planéit ze exportéieren.

Mä wat awer och richteg ass am Beräich Länner, ass gradesou wouer am Beräich vun de Betriber. Wann ee kuckt, wat elo do-bausse vir sech geet, hunn Déi Gréng net dat Gefill, dass et grad déi Betriber wären, déi erkannt haten, dass d'Ëmwelt ëmmer méi eng grouss Roll wäert spillen, déi elo vum Maart gedrängt ginn. Am Géigendeel, et brauch een nëmmen déi amerikanesch Automobilbranche ze huelen, do gëtt et sé-cher nach aner Ursaachen, mä awer och, well déi Automobilindustrie net gesinn huet, wat mam Pétrolspräis géif geschéien, dass si déi falsch Autoe gebaut hunn an och nach bauen. An et si sécherlech och net déi Betriber, déi an der Vergaangenheet an Energieeffizienz investéiert hunn, déi haut Faillite maachen - au contraire.

A souguer fir d'Landwirtschaft, Madame Presidentin, kann een dës Richtegkeet uweisen. Erstaunlecherweis grad an dëse schwieregen Zäiten: Deen eenzege Sec-teur, dee kee Problem huet an der Landwirt-schaft, ass d'Biolandwirtschaft. Déi kann trotz der Kris hir Präisser halen, d'Nofro ass esou grouss wéi nach ni. An et kann een ei-gentlech nëmmen och fir Lëtzebuerg be-dauern,...

(Interruption)

...dass mer 80% mussen importéieren, dass eigentlech zu Lëtzebuerg nach en im-mense Marché do ass fir Bioproduiten. D'Nofro ass esou grouss wéi nach ni a mir mussen alles importéieren.

Duerfir, Madame Presidentin, versti mir et net esou richteg, dass dës Majoritéit nach ëmmer an der Logik vun de 70er an 80er Jo-ren ass a behaapt, Ëmweltschutz géif Aar-bechtsplazen zerstéieren. Onverständlech, well eigentlech wëllt jo dës Regierung och en Ëmwelttechnologiestanduert aus Lëtze-buerg maachen. Mir si frou, dass d'Regie-rung dat elo an där leschter Zäit entdeckt huet.

Mä, Madame Presidentin, en Technologie-standuert, dee kann een net och erbäirie-den, dee muss ee vu laanger Hand plan-gen, dee muss ee lues a lues zu engem Puzzle zesummeféieren, an duerfir muss een eng kohärent Politik op allen Niveaue maachen. An dozou gehéieren an eisen Aen och ganz héich Ëmweltstandarden, jo vläicht souguer a ganz bewosst méi héich

Ëmweltstandardë wéi an den Nopeschlän-ner, well mir kënnen eis net virstellen, dass innovativ Firmaen an deem Beräich, déi wëllen no bausse weisen, dass se eppes kënnen, gi sécherlech éischer dohin, wou se wëssen, dass méi vun hinne gefuerdert gëtt, wéi just an engem schlechten Duerch-schnëttsland hei gëtt.

An eisen Aen ass also erëm eng Kéier eng Geleeeënheet verpasst, fir en Deel vum Puzzle zouzefügen, an duerfir wäerte mir, nodeem mir natierlech déi Amendementer staark ënnerstëtzt haten, eis enthalen an dat Gesetz net stëmmen, well mir hätte kënnen méi wäit goen. Well déi Gréng sinn der Mee-nung, grad elo muss een Ekologie an Eko-nomie verbannen, grad elo gëtt et ëmmer méi kloer, dass mer grad d'Ekologie brauche fir d'Wirtschaft aus hirer Kris eraus-zehuelen a grad elo muss een héich Ëm-weltstandarden aféieren, fir d'Recherche an deene Secteuren unzekerpen, fir d'Aar-bechtsplaze vun der Zukunft ze plangen.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» Mme le Président.- Merci, Här Gira. Deen nächste Riedner ass den Här Mehlen.

» M. Robert Mehlen (ADR).- Merci, Madame Presidentin. Och vun eiser Säit dem Här Negri Merci fir seng Aarbecht. Et ass keng einfach Législatioun, d'autant plus wou se sech integréiert an aner Législatiou-nen.

Hei gëtt eng Lacune virun allem gestoppt. Dat ass déi, dat och dann, wa kee persëin-leche Schued entstanen ass, dat och dann deen, deen dat verursaacht huet, an d'Haf-tung geholl gëtt.

Et gëtt de Gedanke vun der Preventioun och hei méi staark verankert, wat ganz sécher eng richteg an eng wichteg Approche ass. Ech wëll net weider op d'Gesetz selwer agoen, ech wëll hei zwee Gedanke ganz kuerz uspriechen.

Dat eent ass, datt mir zwar och der Mee-nung sinn, dass den Ëmweltschutz ëmmer eng méi grouss Bedeitung kritt. Mä op där anerer Säit, datt mer eng Panoplie vu Geset-zer an deem Beräich hunn, net nëmmen am Ëmweltschutz, mä wann ee sech dat alles esou ukuckt: Naturschutz, Aarteschutz, Properhale vun der Loft, Waasserschutz, Landschaftsschutz, Schutz viru genmanipu-liierten Organismen - ech kéint virufueren -, da gëtt et schwiereg fir den Iwwerbléck ze behalen an et muss ee sech heiandsdo froen, wéi wäit datt déi eenzel Législatioune ma-eneen a Concordance stinn a sech net deel-weis souguer widderspriechechen oder iwwer-schneiden.

Et gëtt e Grondsaz, deen heescht: «Nul n'est censé ignorer la loi.» Ech mengen, dat ass fir déi Leit, déi an der Wirtschaft täteg sinn, de Problem, wann ëmmer erëm nei Gesetzzer a méi oder weïneger deenesel-wechten Domänen derbäikommen, ouni datt anerer ofgeschaf ginn. Dat ass jidde-falls net an där Richtung, wéi mir et eis géi-fen alleguer wënschen, denken ech, vun en-ger allgemenger Simplification législative an administrative.

Mir haten eng Kéier am Kader vun der Sim-plification administrative hei en Hearing, an do ass eis erzielt ginn, datt an Holland - ech

weess net, ob et zoutrëfft - keen neit Gesetz därëf gestëmmt ginn, ouni datt gläichzäiteg en anert ofgeschaf gëtt, fir de Volume vun de legislativen Texter, deen an deene leschte Joren enorm ugewuess ass, e bës-sen an de Grëff ze kréien.

Ech géif mir och an dësem Beräich wën-schen, datt mer iergendwann eng Kéier op dee Wee kéimen, well et gëtt fir den norma-len Acteur dobaussen - an ech mengen, esou frou wéi mir alleguer mat der Natur sinn a sou staark wéi mer och alleguer han-nert dem Natur- an Ëmweltschutz stinn, muss een awer op där anerer Säit d'Schwie-regkeet net aus den Ae verléieren oder därëf een déi net aus den Ae verléiere vun deene Leit, déi dobaussen d'Acteure sinn.

Wéi séier hänkt een onverschëlt oder aus Négligeance, déi net schlecht gemengt ass, doduerch datt een deelweis vläicht souguer a sengem Betrib iwwerfuerdert ass, ass eppes passéiert, fir dat ee muss riichtstoen?

Dat Zweet ass, an dat ergëtt sech hei eraus, datt eis Gesetzestexter eent sinn an eis Re-glementstexter an den Ëmgang domat an der Praxis eppes aneschters.

(Interruption)

Mir kënnen onméiglech - an ech denken do, Här Minister, do gitt Der mer net Onrecht - Gesetzestexter esou festzurren, datt an alle Fäll eng ganz kloer Applikatioun, Ënner-scheidung an esou weider méiglech sinn. Dat heescht, den eenzelnen Acteur ass ëm-mer an engem gewësse Mooss dem Ent-scheidungsspillraum an dem Applika-tiounsspillraum vun de Verwaltungen aus-geliwwert.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech erënnere an dësem Zesummenhang un déi ganz onendlech Diskussiounen, déi mer haten iwwert d'Applikatioun vum Artikel 17 vum Naturschutzgesetz, wat anschei-nend nach net ganz ausgestanen ass, oder déi endlos Diskussiounen, déi kommen, wann e landwirtschaftleche Betrib wëllt aus-siedelen a sech an der Zone verte néier-loossen, wou mer och an der Problematik dra sinn, datt ganz vill Subjektivitéit vu Säite vun de Verwaltungen do mat eraspillt.

Här President, ech kommen domadder schoonn zum Schluss. Mir sinn eis, mengen ech, alleguer eens, datt een dem Ëmwelt-schutz an dem Naturschutz an esou weider eng ganz grouss Bedeitung muss bäimoos-sen. Duerfir si mir och grondsätzlech mat der Ausriichtung vun dësem Gesetz d'ac-cord.

Mä et muss een op där anerer Säit d'Betri-ber awer och kënnen liewe loossen. Et geet net, datt een op där enger Säit eng Cam-pagne mécht och fir jonk Leit, si solle sech trauen, si solle sech néierloossen, si sollen eng eegestänneg Aktivitéit ufänken, an op där anerer Säit hinnen awer d'Gefill ginn, datt se permanent mat engem Fouss am Prisong stinn.

En anere Gedanken ass deen, datt mir hei sécher mat enger grousser Berechtegung eis Suergen drëm maachen, datt eis Ëmwelt esou wäit wéi méiglech soll protégéiert ginn, datt mer op där anerer Säit ganz dacks a Konkurrenz stinn zu Produkter an zu Déngschtleeschungen, déi aus Wirt-schaftsraim kommen, wou dat net esou strikt applizéiert gëtt. An duerfir ass et och



Chambre
des Députés

L U X E M B O U R G

Chamber TV

weist all öffentlech Sëtzung
live an integral

An der Gemeng Bartreng <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>	Zu Esch-Sauer <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>
<div>.</div>	<div>.</div>
Zu Beetebuerg <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>	Zu Nidder- an Uewerfeelen <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>
<div>.</div>	<div>.</div>
Zu Walfer <i>um Kanal S29 / 367.25 Mhz</i>	An der Gemeng Gréiwemaacher <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>
<div>.</div>	<div>.</div>
Zu Biwer an zu Wecker <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>	An der Gemeng Hieffenech <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>
<div>.</div>	<div>.</div>
An der Gemeng Bous <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>	An der Gemeng Hesper <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>
<div>.</div>	<div>.</div>
An der Gemeng Bërmereng <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>	Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt, Ollem an Nouspelt <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>
<div>.</div>	<div>.</div>
An der Gemeng Konter <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>	An der Gemeng Mamer <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>
<div>.</div>	<div>.</div>
An der Gemeng Dippech <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>	An der Gemeng Manternach <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>
<div>.</div>	<div>.</div>
An der Gemeng Dikrech <i>um Kanal S19 / 287.25 Mhz</i>	An der Gemeng Medernach <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>
<div>.</div>	<div>.</div>
Zu Iermsdref <i>um Kanal S40 / 455.25 Mhz</i>	

absolut noutwendeg, datt opgepasst gëtt, datt am internationalen Handel do e ganz strengt An dorop geworf gëtt. Soss si mer am Zeenario vun der Concurrence dé-loyale, an dat, Här President, wéi mir dat gewinnt sinn; dat ka jo net sinn. Hei geet et wierklech drëm fir am Endeffekt an der praktescher Applikatioun déi richteg Balance ze fannen.

Trotz dëse Reserven, déi ech hei wollt ubréngen, wëll ech awer soen, datt mir dëst Gesetz wäerte stëmmen.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. Dann zum Ofschloss vun der Debatt den zoustännege Minister, den Här Lucien Lux. Här Lux, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Här President, Kolleginnen a Kollegen, ech wëll natierlech och dem President-rapporteur, dem Här Roger Negri, Merci soen, wéi alle Membere vun der Kommissioun an och alle Riedner de Mëtteg, dass mir dëst wichtegt Gesetz haut kënne stëmmen. Dat ass iwwregens e weidere Schrëtt, fir Lëtzebuerg héich Ëmweltstandarden an och eng héich Biergerbedeeling am Ëmweltrecht zouzegestoen.

An ech wëll dem Här Gira soen, domadder beweegt sech dës Majoritéit ganz kloer am 21. Jorhonnert, well dëst ass dat siwent Gesetz an dëser Legislaturperiod wat d'Ëmweltrecht verbessert, wat d'Biergerbedeeling am Ëmweltberäich verbessert, an domadder kloer weist, dass dës Majoritéit an dës Regierung ganz kloer dorop setzen, dass Ekonomie an Ekologie matenee solle fonctionnéieren, dass dat keng Géigesätz sinn.

(Interruptions)

A well hie selwer profitéiert huet vun der Geleeënheet, fir eng aktuell Remarque ze maachen an eng Klammer opzemaachen, wëll ech dat och maachen a par rapport zu deene Stëmmen, déi een héiert, zwou Saache soen zu der aktueller Debatt doriwwer, wéi mir un d'Wirtschaftskris hei zu Lëtzebuerg eruginn.

Déi Éischt ganz kloer Bemierkung, déi ech wëll maachen, ass déi, dass déi Kris do kee Virwand wäert sinn hei zu Lëtzebuerg, fir Ëmweltrecht a Bedeeling vun de Bierger bei der Ëmweltproblematik a Fro ze stellen. D'Regierung seet zu allen Usätz, déi an déi Richtung solle goen: Neen. An ech wëll dem Här Gira wéi och dem Héijen Haus soen, dass déi zwee Gesetzzer, déi maassgeblech d'Ëmweltpolitik hei zu Lëtzebuerg déterminéieren, nämlech d'Naturschutzgesetz an d'Kommodosgesetz, net zur Dispositioun stinn. Punkt, Schluss.

An deenen eelef Projets de loi, déi d'Regierung deponéiert huet hei am héijen Haus virun e puer Deeg, ass net eng Zeil dovunner ze gesinn, dass hei sollt versicht ginn, vun der Kris ze profitéieren, fir net ze soen d'Kris ze méissbrauchen, fir Ëmweltstandarden a Fro ze stellen. Et ass keen, deen dat wëllt, an et ass keen, deen iergendwou an deene Projets de loi, an deenen eelef, déi deponéiert gi sinn, esou och nëmmen eng Spur dovunner ka gesinn.

Ech wëll hei ganz däitlech soen, dass een iwwer Prozedure laang kann diskutéieren an och ka laang streiden. Mä ech wëll d'Geleeënheet benotzen, fir awer eng Kéier kloer hei ze soen, dass wann een iwwer Prozedure schwätzt, dat näischt Lästeges ass. Prozedure sinn derfir do fir Konditiounen ze fixéieren, fir dass d'Gesondheet vun de Leit net tangéiert gëtt, derfir ze suergen, dass Buedenschutz, Loftschutz, Waasserschutz an esou virun, wichteg elementar Funktiounen, déi mer brauchen, fir den Zyklus dobauen ze respektéieren, dass déi sollen agehale ginn. Ech mengen, dass et kloer ass, dass hei kee wëllt déi Standarden do iergendwéi a Fro stellen.

Dat wëllt net heeschen - an ech mengen, den Här Mehlen huet dat zum Schluss och gesot -, dass mer eis dem Débat net musse stellen, dass d'Prozedure sech sollen haapt-sächlech op de Fong konzentréieren an dass se net onnéideg den Zäitraffer mussen an d'Onendlecht driiwen. Deem Usproch do musse mer eis och mat zu Propositione wéi dem Guichet administratif, enger besserer interministerieller Kooperatioun an esou viru stellen, fir dass iwwert de Fong gestridde gëtt, an net gestridde gëtt iwwert d'Durée; och wann do villes iwwerdriwwe gëtt, wat dobause gesot gëtt.

D'Diskussiounen, déi mer an der Tripartite haten an op anere Plazen, hunn och gewisen, dass dat oft ganz staark och iwwerdriwwe gëtt, well eben, an do huet den Här Gira Recht, et Kreesser gëtt, déi vun der Kris gäre géife profitéieren, fir dat ze maachen. Mä ech soen, an der Regierung an an

der Majoritéit ass keen do, deen op dee Wee do wëllt goen.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Zu enger zweeter aktueller Bemierkung, déi e gemaach huet, wëll ech awer och soen, zum Konjunkturpaket vun der Regierung ass jo dann d'Fro an Europa an an der Welt: Wien hat dee gréngste Pinsel, fir sâi Paket unzesträichen? Vlächicht war do d'Kommunikatioun vun der Lëtzebuerger Regierung net esou gutt wéi a Südkorea.

Ech wëll awer dem Kolleeg Gira soen, dass, wann ech de Konjunkturpaket vun der Regierung kucken, dann ass dee gréissten Investor an déi gréissten Investitioun, déi an deem Paket dran ass, an Héicht vun 6m déi 360 Milliounen, dat sinn d'Investitiounen an d'Schinn, an den öffentlichechen Transport an domadder an eng nohalteg Mobilitéit. An den Ënnerscheid tëschent deenen Investitiounen an d'Schinnennetz an an d'Stroossennetz an deem Konjunkturpaket läit do ongeféier tëschent 70% fir den öffentlichechen Transport an 30% an deem anere Beräich, eng total Ëmkéier zu deene Proportionen, déi mer an deene leschte Joren hei am Land haten.

Ech wëll och soen, dass déi Aiden am Beräich vum Energiespueren, an domadder verbonnen de finanziellen Ureizen, an domadder och verbonnen natierlech d'Erschafung vun Aarbechtsplazen, hei zu Lëtzebuerg an de Beräicher vun den Autoen, vun de Frigoen, vun der Haisersanéierung déi génschtegst sinn, déi et iwwerhaapt an Europa gëtt. Sou dass ech mengen, et och do net richteg ass ze maachen, wéi wann dee Konjunkturpaket do net dem Kritär vun der Nohaltegkeet gerecht géif ginn. Ech mengen, de Géigendeel ass wouer.

Déi Bemierkunge gemaach an déi Klammer erëm zougemaach, wëll ech a puncto Gesetz, wat mer hei diskutéiert hunn de Mëtteg, net méi vill soen. Ech mengen, dass zwou Saache mir nach wichteg sinn ze soen.

Déi éischt ass, dass den Ëmweltministère a virun allem d'Ëmweltverwaltung eng Pflicht elo hunn, fir dat Gesetz hei, wat mer haut wäerte stëmmen, proaktiv unzepaken an deem Sënn, dass wierklech e seriöen Dialog mat den Entreprises, eng seriö Informatioun vun den Entreprises zesumme mat Séminairen, mat de Chambres professionnelles an esou virun néideg sinn, fir d'Entreprise gutt ze informéieren iwwert déi nei Oplagen, iwwert déi nei Aufgaben, iwwert déi nei proaktiv Aart a Weis, déi se hei sollen huelen. Ech mengen, do huet sécherlech all Riedner hei Recht gehat, wann ech kucken, wéi mer geplot sinn zum Beispiil an der Buedemsanéierung op ville Plazen.

Ech gesinn de Kolleeg Romain Schneider dohannen, Buergermeeschter vu Wolz, wann een iwwert d'Eurofloor géif schwätzen. Ech gesinn all déi Kollegen, déi heibanne sinn, déi aus Stolstanduerter kommen, wou mer zu Esch an zu Diddeleng an zu Suessem op ville Plaze Suergen hunn ze déterminéieren: Wat sinn déi Buedemsanéierungen, déi musse gemaach ginn? Vu wem musse se gemaach ginn? A virun allem: Vu wem musse se finanziaert ginn?

Dofir hu mer virun dräi Joer eng Initiativ geholl, fir mat den Entreprises iwwer en iwwergeuerdnete Fong ze schwätzen. Déi Diskussioun si leider nach net konkret op eng Initiativ erauskomm. Mä mir hunn eng Etüd lancéiert, déi dëst Joer wäert fäerdeg geschloss ginn, wou mer eng Benchmark gemaach hunn a gekuckt hunn: Wéi gëtt dat an deenen anere Länner traitéiert? Wéi ginn also déi Saachen ugepaakt, fir dass dat net op deenen eenzelnen Entreprises a virun allem herno um Stat läit?

Och haut besteet jo d'Méiglechkeet, dass de Fonds de l'environnement 50% vun esou Sanéierung kann iwwerhuelen. Ech mengen, dass dat awer eng ganz onzefridde stellend Aart a Weis ass, well se dem Prinzip vum Pollueur-payeur net gerecht gëtt, an ech mengen et ass just dee Prinzip, dee mer hei an deem Gesetz och dran iwwerhuelen.

Dann eng lescht Bemierkung: D'Kommissioun huet sech zu Bréissel virgeholl fir den 30. Abrëll 2010 eng Virlag ze maachen, e Rapport ze maachen iwwert d'Ëmsetzung vun de Garanties financières a vun den Instruments financiers, déi an deenen eenzelne Länner kënne geschaf ginn, wat jo domadder verbonnen ass, dass och d'Assurancégesellschaften dat an hir Paket mat iwwerhuelen. An et ass eréischt da wou et och fir d'Entreprises interessant gëtt a wou et och interessant gëtt fir dat, wat mer elo haut gemaach hunn.

Well et muss ee wëssen, dat, wat elo haut hei gestëmmt gëtt aus der Direktiv, ass natierlech eppes, wat um europäesche Plang

och e minimalen Ufank am Neiland vun de Pollueurs-payeurs bedeit, an ech mengen et wäert eppes Evolutives sinn. A wann déi Instrumenter do kommen, dann ass och sécherlech d'Geleeënheet, um europäesche Plang, an och um nationale Plang méi wäit ze goen an de Prinzip nach besser ëmzesetzen, wéi mer dat hei maachen.

Mä et ass e wichtege Schrëtt an deem Mo-saik, wéi gesot, vun deene siwe Gesetzzer, déi mer dës Legislatur gestëmmt hunn, fir och zu Lëtzebuerg wéi an deene Länner ronderëm en héijen Ëmweltstandard ze hunn, dee wichteg ass fir d'Ëmwelt, mä deen och der Kompetitivitéit vun eisem Standuert guttdeet.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Dir Dammen an Dir Hären, dann ass d'Debatt ofgeschloss a mir kommen zur Ofstimmung iwwert dëst Gesetz.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5877 ass ugeholl, Här Minister Lux, mat 52 Jo-Stëmmen, bei 7 Abstent-iounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par Mme Nancy Arendt), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

Sommaire des séances publiques
N^{os} 34, 35 et 36

Communications	page 389
Rôle des affaires	page 389
Ordre du jour	pages 389-390
Vérification des pouvoirs et assermentation de M. Raymond Weydert	pages 390-391
Composition des commissions parlementaires et des délégations internationales	pages 391-392
Question urgente N°3226 de M. Jacques-Yves Henckes relative à la garantie bancaire	page 392
Débat d'orientation sur la situation des personnes handicapées	pages 392-399
5819 - Projet de loi	
a) relatif aux contrôles et aux sanctions concernant l'enregistrement, l'évaluation et l'autorisation des substances chimiques et les restrictions y applicables, telles que ces substances sont visées par le règlement (CE) N°1907/2006 du Parlement européen et du Conseil du 18 décembre 2006 concernant l'enregistrement, l'évaluation et l'autorisation des substances chimiques, ainsi que les restrictions applicables à ces substances (REACH), instituant une agence européenne des produits chimiques, modifiant la directive 1999/45/CE et abrogeant le règlement (CEE) N°793/93 du Conseil et le règlement (CE) N°1488/94 de la Commission ainsi que la directive 76/769/CEE du Conseil et les directives 91/155/CEE, 93/67/CEE, 93/105/CE et 2000/21/CE de la Commission	
b) modifiant la loi modifiée du 15 juin 1994	
- relative à la classification, l'emballage et l'étiquetage des substances dangereuses	
- modifiant la loi du 11 mars 1981 portant réglementation de la mise sur le marché et de l'emploi de certaines substances et préparations dangereuses	
c) modifiant la loi du 3 août 2005 relative à la classification, à l'emballage et à l'étiquetage des préparations dangereuses	
d) abrogeant la loi modifiée du 11 mars 1981 portant réglementation de la mise sur le marché et de l'emploi de certaines substances et préparations dangereuses	pages 399-404 page 413
Dépôt d'une proposition de loi	page 405
Interpellation de M. Alexandre Krieps sur les grossesses chez les jeunes filles et les avortements	pages 405-413
Heure d'actualité demandée par le groupe Déi Gréng au sujet des conséquences de la réforme scolaire sur le SREA et le SGE	pages 414-416
5909 - Projet de loi modifiant la loi du 18 juillet 2001 portant	
1. création d'un établissement d'enseignement secondaire technique à Mamer	
2. modification de la loi du 3 août 1998 relative à la construction d'un lycée à Mamer	pages 416-419
Question avec débat N°41 de M. Félix Braz au sujet de la mise en œuvre au niveau national d'un système similaire à la «Jobkaart» de la Ville de Luxembourg	page 419
5877 - Projet de loi relative à la responsabilité environnementale en ce qui concerne la prévention et la réparation des dommages environnementaux	pages 419-423